

misst eigentlech jiddferengem aliichten. An engem, deem dat net alicht, ech mengen, do muss ee mat deem noutwendegen No-drock hëllefen, fir dann zur Konklusioun ze kommen.

E reit sech och an d'Bestriewungen an, vun dëser Regierung, fir méi realistesch mam Phenomeen Alkohol ëmzegoen. Et ass vir-drun drun erënnert ginn, dass mer iwwer eng Surtaxatioun dat Gedréinks, dat wéi Li-monad schmaacht an awer e relativ staarken Alkoholgehalt huet, d'Alcopops, quasi aus dem Lëtzebuerger Handel verschwanne gelooss hunn.

Eng weider Diskussioun fënnt jo elo statt iwwert den Taux d'alcoolémie am Stroosse-verkéier. An ech mengen, dass mer e bësse méi gläwierdeg kléngen, wa mer déi doten Diskussioun mat Konsequenz féieren, an dozou bäidroen, dass déi jonk Leit, déi mat deem dote Phenomeen ëmmer méi konfrontéiert ginn, mat kloere Messagë konfrontéiert ginn. Ech mengen, mir sinn hinnen dat schëlleg. Hei ass eben ee Bausteen an déi dote Richtung.

Ech soen Iech en häerzleche Merci.

(Interruption)

» **M. le Président**.- Merci, Här Minister. Här Mehlen?

» **M. Robert Mehlen** (*ADR*).- Här President, ech wollt den Här Minister just froen: Et ass jo nëmmen een Artikel, dee seet, dat an dat an dat ass verbueden. Wa mer dat hei gestëmmt hunn an d'Gesetz ass a Kraaft, dann ass déi legal Situatioun an deem Sënn geännert an erweidert.

Wat sinn déi praktesch Konsequenzen dovun, ganz besonnesch an deene Situatiounen, déi och hei déploréiert si gi vu Kollee-gen? Dat heescht, op Baler, wou manifestement Jonker, déi méi jonk si wéi 16 Joer, dann Alkohol, ob se es kafen oder et ass jo och verbueden à titre gratuit es unzehuelen, es ze offréieren an esou weider: Hu mer de Courage, fir dann déi Kontrollen ze maachen an do durchzegräifen, wou muss duerchgegraff ginn?

» **M. le Président**.- Här Minister!

» **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ech kann Iech just soen, wat fir eng Rechtslag doduerch entsteet. Wann een an där doter Situatioun u Kanner Alkohol verkeeft, dann ass hie strafbar, da muss hien, wann eppes passéiert am Zesummenhang mat deem Verkaf, domat rechnen, dass en dofir responsabel gemaach gëtt.

Ech sinn net zoustänneg fir de Beräich vun de Kontrollen, ech muss Iech awer soen, dass bei all deene Gesetzzer, déi mer an der Lescht geholl hunn - inklusiv och d'Tubaksgesetz -, mer am Accord mat deem zoustännegen Minister a mat deenen zoustännegen Corpse bereet sinn, fir déi dote Kontrollen ze maachen. Wéi wäit dass dat dote geet, dat ass mat de Corpsen a mat deenen zoustännegen Kollee-gen ze diskutéieren. Mä d'Rechtslag ass awer ganz kloer.

Et soll ee sech et also dräimol iwwerleeën, wann een Alkohol bei alle méigleche Geleeënheeten u jonk Leit, ganz jonk Leit zum Deel, verkeeft. Ech mengen, dat ass kuerz-siichteg, wann een do just no der Veräinskeess kuckt. Et muss een och kucken, wat een domat kann ausléisen.

Merci.

» **M. le Président**.- Merci, Här Minister. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5543 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Ro-

main Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zu dem Projet de loi 5592 portant approbation de la Convention de l'UNESCO sur la protection et la promotion de la diversité des expressions culturelles. D'Wuert huet de Rapporteur vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madame Martine Stein-Mergen,...

(Interruption)

...déi ersat gëtt duerch den honorabelen Här Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.



3. 5592 - Projet de loi portant approbation de la Convention de l'UNESCO sur la protection et la promotion de la diversité des expressions culturelles, faite à Paris, le 9 décembre 2005

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture

» **M. Marcel Oberweis** (*CSV*), *remplaçant Mme Martine Stein-Mergen (CSV), rapportrice*.- Merci, Här President.

Dir Dammen an Dir Hären, Madame Statssekretärin, erlaabt mer de Projet de loi, d'«Convention de l'UNESCO sur la protection et la promotion de la diversité des expressions culturelles» virzustellen. De Projet ass bal virun engem Joer den 9. Dezember 2005 zu Paräis ënnerzeechent ginn. Leider kann d'Madame Martine Stein-Mergen, d'Rapportrice, haut de Mëtten net derbäi sinn. Dir musst also net mat hirem Charme, mä mat menger Einfachheet virleifhuelen.

(Hilarité)

Ech hoffen, Dir kommt duerch de Bësch.

Här President, de 27. Juni ass de Projet de loi hei an der Chamber vun dem Här Ausseminister déposéiert ginn, an de Statsrot huet säin Avis de 26. September erage-reecht. Déi zoustänneg Chamberskommis-sioun huet sech an hirer Sitzung vum 25. Oktober mat dem Gesetzestext an och mat dem Avis vum Statsrot beschäftegt. De Rapport ass den 21. November ugehall ginn.

De Projet schéngt op den éischte Bléck eng weider Konventioun ze sinn, mä wann ee méi genee hikuckt, dann entdeckt een awer, dass dës Konventioun eng extra Bedeutung kritt. Mir ginn eis heimadder e wichtegt Instrument fir d'Protektioun an d'Promotioun vun der Diversitéit vun de kulturellen Expressiounen. Dës Konventioun erkennt de Staten hiert souveränt Recht un, fir eng eegestänneg Kulturpolitik ze gestalten. An der Konventioun ass explizit festge-hale ginn, dass all Land déi néideg Moossnamen ergräife kann, fir seng Diversitéit vun de kulturellen Expressiounen ze prote-géieren an awer och virunzedreiwen. D'Länner sinn och opgeruff ginn, de Public anzespanen an dëse Prozess an en dofir ze animéieren.

Et ass vun Interessi drop hinzeweisen, dass d'Konventioun awer eréischt dräi Méint duerno a Kraaft triede kann, nodeem 30 Staten se ratifizéiert hunn. Zwee Joer vu laange Verhandlungse si gebraucht ginn, fir se iwwerhaupt auszeschaffen. Lëtzebuerg war während senger EU-Présidence ganz staark an dee Prozess mat agebonnen. D'Konventioun berout op Iddien, déi schonn an der Déclaration universelle vun der UNESCO iwwert déi kulturell Diversitéit aus dem Joer 2001 ageschriwwwe goufen. Do ass festgehale ginn, dass déi kulturell Villfalt als e Patrimoine commun vun der Mënschheet muss ugesi ginn.

Doriwwer eraus ass hir Verdeedegung vum ethesche Standpunkt absolut noutwendeg an ontrennbar mam Respekt vun der Digni-téit vum Mënsch verbonnen. Dës Gedanke sollen nach eng kéier an där virleiender Konventioun ervirgestrach ginn.

Fir dass dës Konventioun awer hir Früichten droe kann, ass et wichteg, dass vill Länner dës Konventioun ënnerschreiwen. Leider hu bis den 20. November dëst Joer eréischt 18 Länner dat gemaach. D'Lëtzebuerger Land huet duerch seng Villsproochegkeet an duerch déi vill Kulturen, déi mir hei am Land versammelen, quasi eng natierlech Vokatioun, fir dës Konventioun ze ratifizéieren. Mir hu jo schonn deen éischte Wee beschratt, andeem mer virun zwee Joer den Institut Pierre Werner geschaf hunn, deem säin Zil et ass, eng kéier am Joer e «Forum européen de la Culture» ze organi-séieren.

D'Konventioun enthält nieft de Kompetenze vun den eenzelne Staten och Elementer, déi an de Kompetenzberäich vun der Euro-päescher Unioun falen. Dat bréngt natier-lech mat sech, dass och si dës Konven-tioun ratifizéiere muss.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Konventioun ass en neit juristescht Ins-trument, dat eben déi Effortë vun der UNESCO fir d'kulturell Diversitéit ënner-sträiche soll. Et gëtt schonn zënter ville Jo-ren eng ganz Rei vun esou Instrumenter, déi all datselwecht Zil virun Aen hunn. Et gëtt awer hei kloer ënnerstrach, wéi wich-teg et ass, dass ee sech opmécht, fir déi verschidden Ausdrocksméiglechkeete vun der Kultur op dëser Welt ze propagéieren, a wou der vill vun hinnen amgaange sinn duerch d'Globaliséierung ze verschwan-nen. An deem Kontext sinn och all Aktivitéi-ten a Servicer eng Ausdrocksweis fir ons kulturell Identitéit.

D'Konventioun déngt also als eng Platt-form, fir eng innovativ Kooperatioun am Beräich vun der Kultur op internationalem Plang opzebauen. Duerch si gëtt den inter-nationale Kader geschaf, fir d'Erausfuerde-rungen, déi sech der kultureller Diversitéit an der Zukunft stellen, an dat sinn der jo bestëmmt net weéneg, zesumme mat de wichtege politeschen Décideuren ze disku-téieren.

D'Konventioun wëllt dofir Strukturen an Or-ganisatioune schafen, fir datt eben eng Dy-namik entstoe kann, duerch déi déi uleiend Problemer, déi verschidde Länner am Beräich vun hirer Kultur kennen an hunn, besser ze léise sinn. Si gëtt eis also en Ins-trument och fir d'Kooperatioun mat den Entwécklungslänner, well déi jo och elo mëttlerweil duerch de Globaliséierungspro-zess méi no an dee ganzen Iwwerleeungs-prozess erakommen.

Doduerch, dass tëschent den eenzelne Völker mat hire Kulturen e Kader vun Tole-ranz, sozialer Gerechtegkeet a géige-säitegem Respekt geschafe gëtt, ass dës Konventioun indispensabel fir de Fridden an dëser Welt, an dat op lokalem, op regio-nalem, nationalem an och op globalem Plang.

Wéi scho gesot gehéiert déi kulturell Villfalt hei zu Lëtzebuerg zum Alldag. Mir erliewen dat jo, wa Mënsche vun iwwer 120 Länner sech beieneesetzen, zesumme schaffen a liewen, zesummen an d'Schoul ginn an och Sport bedreiwen. Mir Lëtzebuerger kënnen dofir quasiment e Virbild si fir anerer. Si brauchen ons nëmmen ze kopéieren, da gi se och méi oder weéneger doheem eens.

Souwuel de Statsrot wéi och mir als Kom-missioun hunn d'Wichtegkeet vun dësem ganze Projet de loi unerkannt a mir bieten Iech dann och, dat heescht d'Martine Stein-Mergen, d'Rapportrice, a meng Weéneg-keet, dësen dann hei unzehuelen.

Ech bréngen domat och den Accord vu menger Fraktioun eran a soe wéi ëmmer Merci fir d'Nolauschteren.

» **Une voix**.- Très bien.

» **M. le Président**.- Merci, Här Oberweis. Wie freet nach d'Wuert?

D'Madame Flesch. Den Här Fayot.

Discussion générale

» **Mme Colette Flesch** (*DP*).- Här Pre-sident, léif Kollee-gen, ech wëll fir d'éischt der Madame Martine Stein-Merci soen an hirer Eegeschaft als Rapportrice an dem Här Marcel Oberweis, dee jo elo hei de mëndleche Rapport virbruecht huet.

Déi Konventioun vun der UNESCO huet eng ganz laang Virgeschicht, wéi gesot ginn ass. Eng Virgeschicht, déi sech of-gewéckelt huet um Hannergrond vun der Oppositioun tëschent de Vereenegte Staten engersäits, an der EU a ganz besonnesch Frankräich a Kanada op där anerer Säit. Den Hannergrond war natierlech d'Politi-que audiovisuelle.

Mir wëssen alleguerten, dass den Export vu Filmer den zweeten Export vun Amerika ass, an dass d'europäesch Filmindustrie sech ëmmer erëm driwwer beklot, dass se géint déi Muecht vun der amerikanescher Filmindustrie Schwieregkeeten huet sech ze verdeedegen, an dass an de Gespräi-cher an der OMC ëmmer erëm vun euro-päescher Säit speziell Regele gefrot gi si fir d'Kulturgidder an d'Kulturdéngschtleesch-tungen.

Et ass also an deem Zesummenhang, dass déi ëmstridde Geschicht vun där Konven-tioun ze gesinn ass. An et ass schonn esou wéi de Rapporteur, den Här Oberweis, et gesot huet oder wéi d'Madame Stein an hi-rem Rapport geschriwwen huet, dass d'EU sech staark engagéiert huet, dass en Deel vun deem Engagement sech ofgespillt huet, e kriteschen Deel, am Moment vun der Lëtzebuerger Presidentschaft, an dass d'Lëtzebuerger Presidentschaft also och staark intervenéiert ass am Intérêt vun dë-ser Konventioun, déi da schlussendlech zustane komm ass.

Et huet mech frappéiert, dass am Exposé des motifs an och am Rapport am Fong zu där doter Säit vun der Problematik nëmme ganz, ganz diskret Referenz gemaach ginn ass. Et gëtt zum Beispill am Rapport gesot, an dat ass e Saz, dee bal wuertwiertlech aus dem Exposé des motifs iwwerholl ginn ass: «Ainsi, dès qu'elle» - dat ass also d'Konventioun - «entrera en vigueur, elle pourra servir d'instrument de référence pour les États dans leurs efforts de mainte-nir et de développer leurs secteurs cul-turels, que ce soit au niveau de l'Organisation Mondiale du Commerce (OMC) ou au ni-veau de négociations bilatérales ou plurila-térales.»

Ech wollt d'Statssekretärin froen, si soll ons soen, wat d'Lëtzebuerger Regierung sech vun där Konventioun erwaart um Plang vun der OMC an um Plang vun den Diskussioun-en, déi do lafen, notament am Zesum-menhang mam Secteur audiovisuel.

Dat gesot, Här President, wëll ech den Ac-cord vun onser Fraktioun zu dëser Konven-tioun bréngen.

» **M. le Président**.- Merci, Madame Flesch. Den Här Fayot ass als nächste Riedner agedroen. Här Fayot!

» **M. Ben Fayot** (*LSAP*).- Här President, et ass eng Konventioun - duerfir entschëlle-gen ech mech bal fir hei d'Wuert ze ergräi-fen -, mä et ass awer keng kleng Saach, esou wéi d'UNESCO jo eigentlech och keng kleng Saach ass. Et ass eng Weltor-ganisatioun, déi an enger Zäit vu Globalisa-tioun och eng wichteg Roll vu Régulatioun um Weltniveau spillt. Et ass eng Organisa-tioun, déi net nëmme Programmer, Kon-gresser, Konferenzen oder Seminären orga-niséiert, mä et ass eng Organisatioun, déi och normativ contraignant Instrumenter vun de Memberlänner kann unhuele loossen.

Dëst ass déi siwent Konventioun no sechs aneren, vun deene mer der fënnef ugehall hunn. Et ass just eng, déi mer net ugehall hunn, dat ass déi iwwert d'Protektioun vum Milieu subaquatique, deen natierlech zu Lëtzebuerg vläicht net esou wichteg ass wéi an anere grouse Länner.

Dës Konventioun also ass en Traité norma-tif, wou d'Länner sech also engagéieren, fir déi Diversité culturelle ze respektéieren. An der Déclaration universelle vun der UNESCO vun 2001 ass schonn déi Diver-sité culturelle als ee wichtigen Objektiv unerkannt ginn. Et ass awer d'Meenung ge-wiescht, dass et besser wär, et hätt een eng Konventioun dozou, ebe just fir Länner der-zou ze kréien, fir eben déi Diversité cultu-relle ze respektéieren. An déi Diversité cul-turelle, déi gëtt net iwwerall respektéiert - och net an Europa!

Wann een iwwregens vun Diversité cultu-relle schwätzt, dat muss ech derbäifügen, geet et net nëmmen ëm Konscht oder ëm Kultur am traditionelle Sënn; et geet ëm Lie-wensweisen; et geet ëm Modes de vie; ëm d'Manéier, wéi e Vollek oder e Grupp vun engem Vollek zesummelieft; wéi seng Sprooch ass; ob seng Sprooch respektéiert gëtt an esou weider.

Zum Beispill hu Sinti a Roma extra Manéie-ren, fir zesummenzeliewen: Dat ass och Kultur a muss och respektéiert ginn.

Sprooche musse respektéiert ginn an hirer Diversitéit. Dat wëllt net soen, dass een also sech dorobber zoumécht, mä wichteg ass och bei dëser Konventioun déi Ouverture op anerer, de Respekt also och vun deenen aneren an där ganzer Diversitéit, déi et weltwäit gétt. Et ass also keng kleng Saach.

Ech wëll dorobber hiweisen, dass mir zu Lëtzebuerg duerch ons Klengheet an duerch ons Oppenheet traditionell kee Problem mat dem Respekt vun der Diversitéit culturelle hunn, mä et gétt sécher vill Länner, wou dat en echte Problem ass, an duerfir ass dëst e wichtegt Instrument, an duerfir wollt ech dat hei trotzdeem nach eng kéier ënnersträichen an och natierlech den Accord vun onser Fraktioun bréngen, net ouni natierlech der Madame Stein an hirem Sosie, hirem Alter Ego, dem Här Oberweis, fir hire Rapport Merci ze soen.

(Hilarité et interruptions)

» **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Den Här Mehlen huet nach d'Wuert gefrot. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Här Präsident, och vun eiser Säit e Merci un déi zwee Rapporteurs.

(Interruption et coups de cloche de la Présidence)

Den Här Fayot huet zu Recht dorop higewisen, dass déi Konventioun hei sech vläicht an éischter Linn un déi Länner adresséiert, déi méi grouss sinn a wou et, opgrond vun historiesche Gegebenheeten, eng Partie - déi eng oder déi aner - Minoritéite gétt, wou et wierklech dann dorëm geet, deenen hir kulturell Eegenheeten ze respektéieren an ze schützen.

Mir hunn dee Problem hei zu Lëtzebuerg a méi engem klengen Mooss, mä mir sinn natierlech och en Immigrationsland. Mir hunn an eiser Geschicht déi eng oder déi aner kulturell Immigration gehat, an ech mengen, mer probéieren och dat ze respektéieren.

Ech wollt mech a menger Intervention awer hei haaptsächlech op eent fokusséieren, dat ass op den Erhalt vun eiser eegener Sprooch, déi lues a lues a Gefor geréit, obscho se eng gewëss Renaissance erlieft an erëm méi gebraucht gétt - mir gesinn dat an de Familjenannoncen an esou - wéi dat fréier de Fall war. An trotzdeem leeft se ganz grouss Gefor, opgrond vun Aflëss, besonnesch vun dem däitsche Sproochraum hier, dach lues a lues ze veraarmen, ze verflaachen a verfälscht ze ginn.

Duerfir muss een d'Fro opwerfen: Wat kënnen mir maachen, fir och eis eege kulturell Identitéit an deem Zesammenhang ze schützen an ze erhalen?

Et ass nach ëmmer de Problem an e gétt regelméisseg opgeworf, dass mer eis Sprooch nach net an eiser Constitution ageschriwwen hunn. Ech mengen, dass soll ee maachen, obschonn domadder sech och an der Praxis nach net vill ännert, mä et ass einfach awer wichteg, dass mer déi Instrumenter, déi mer hunn, fir d'Lëtzeburgergesch a senger Identitéit ze erhalen, optimal nutzen.

Ech géif drop hiweisen, dass et vläicht och ubruecht wär, eemol driwwer nozedenken, wéi mer an eise Medie mat eiser Sprooch ëmginn, ob do net och misst op iergendeng Aart a Weis sech emol mat deene Leit zesummesat ginn, fir ze kucken, dach awer vläicht méi Wäert drop ze leeën, dass mer d'Lëtzeburgergesch a senger Origine probéieren ze erhalen.

Ech stellen och d'Fro, wat an de Schoule gemaach gétt, fir dass - ganz besonnesch d'Kanner, déi vu baussen hei zougewandert sinn - esou fréi wéi méiglech vun allequerten d'Lëtzeburgergesch geléiert ka ginn.

Ech weisen drop hin, dass mer - dat gehéiert och zur kultureller Identitéit an zur kultureller Villfalt - e ganz grouss Patrimoine u Lëtzeburger Lidder hunn, deen amgang ass lues a lues ze verschwannen, well d'Kanner se an der Schoul nach ganz weénege bäibruecht kréien oder ganz weénege praktizéieren.

Ech mengen, dass hei ass selbstverständlech e gudden Projet, dee mir och matdroen,

mä mir sollen eis an deem Zesammenhang wierklech Gedanken doriwwer maachen, wéi mer eis selwer uleeën, fir eis Lëtzeburger Sprooch als den éischten Ausdrock vun eiser kultureller Identitéit esou gutt wéi et nëmme geet ze schützen an ze erhalen.

Dat gesot, wäerte mir de Projet selbstverständlech stëmmen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Domat si mer um Enn vun den Debatten. D'Regierung huet d'Wuert. D'Madame Statssekretärin Octavie Modert.

» **Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.** - Ech kann, Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, d'Wichtigkeet vun dëser UNESCO-Konventioun och nëmme ënnersträichen a soe meng Virriedner Merci, déi dat och an treffende Wieder gemaach hunn.

Tatsächlech ass déi Ratification hei wichteg, éischstens natierlech fir d'Diversitéit culturelle, d'kulturell Villfalt, déi domadder ënnerstrach ginn ass, ze schützen; zweetens awer och wéinst der Roll vun der UNESCO selwer, déi domadder gestärkt erausgaangen ass. Ech mengen wuel, dass een och ka soen, dass déi Konventioun hei erëm zu enger Opwärtung vun der UNESCO bäigedroen huet.

D'Ratifikation vun dëser Konventioun duerch dës Chamber ass e wichtige Punkt, e wichtegt Element an huet och eng international Bedeitung.

Firwat? Ma éischstens, well heimadde d'Bedeutung vun der Kultur weltwäit och erëm eng kéier festgeschriwwen ginn ass. An et kann ee souguer soen, dass et och e Géigestéck, e wichtegt Géigestéck zur Mondialisation duerstellt wéinst der „Exception culturelle“ - fir et esou ze formuléieren -, déi iwwert dës Konventioun festgeschriwwen ginn ass.

Tatsächlech erkennt d'Konventioun explizit déi spezifesch Natur u vun de kulturellen Déngschtleeschungen, Gidder an Aktivitéiten, déi net solle behandelt ginn, wéi wa se just e kommerzielle Wäert an Notzen hätten. Dat war iwwregens eng vun den Ursachen, firwat d'USA dergéint gestëmmt hunn.

An esou kann een, wéi d'Madame Flesch, gesot huet, d'Konventioun och an de Kontext vun der OMC, vun de WTO-Verhandlung setzen.

Zweetens ass inhaltlech och nach ganz wichteg festzehalen, dass dës Konventioun d'Recht vun de Staaten unerkennt, fir hir eege Kulturpolitik ze definéieren. Dat heescht, et ass selbstverständlech e subsidiäresche Phänomeen, all Land kann dat selwer virhuelen, a kee kann hinnen trotz der Konventioun draschwätzen.

D'EU huet och eng grouss Roll gespillt an der Verhandlung vun der Konventioun an der spezifischer Natur vun de kulturellen Aktivitéiten - an dat ass erëm eng Äntwert, Madame Flesch, op Är Fro -, d'spezifesch Natur vun der Kultur an de kulturelle Gidder an Déngschtleeschungen ass unerkannt ginn, ënner anerem och duerch d'Méiglechkeet, fir d'Promotioun vun der kultureller Villfalt souguer extra staatlech finanziell Hëllef erlazen ze kënnen. Do ass ganz besonnesch de Beräich vun de Medien a vum audiovisuelle Sektour viséiert, an dat ass eent vun den Elementer, déi dann och kënnen an der OMC matspillen.

D'Konventioun erlaabt awer och eng international Zesummenaarbecht, fir déi kulturell Villfalt ze ënnerstëtzen oder och verstärkt an der Entwécklungshëllef afléisen ze loossen. Dat heescht, den Zesammenhang zwëschen Kultur a wirtschaftlecher a gesellschaftlecher Entwécklung ass hei och ganz wichteg ervirzeesträichen - besonnesch an de manner entwéckelte Länner.

D'EU hat, wéi gesot, en entscheidenden Afloss an de Verhandlung vun dëser Konventioun, an d'Roll, déi déi Lëtzeburger Präsidence während där Zäit gespillt huet, ass net ze ënnerschätzen. De Chefverhandler war dee Moment eise Lëtzeburger Botschafter zu Paräis, mat der Hëllef vun eisen UNESCO-Beoptraagten. D'EU-Länner hunn insistéiert an hikritt, dass niwient där kultureller Villfalt och aner Wäerter, déi fir d'Union fundamental sinn, ageschriwwen gi sinn, am Résumé d'demokrateschen Wäerter an d'Mënscherechtsprinzipien, déi an der Mënscherechtskonventioun ageschriwwen sinn.

Ech zitéieren: de Friden, d'Demokratie, d'Toleranz, de Fraestatut oder d'-rechter, d'Grundfräiheet selbstverständlech, déi sozial Cohésion och, a souguer déi nohaltteg Entwécklung. Dat fir d'inhaltlech Punk-

ten, déi dës Konventioun esou wäertvoll a wichteg maachen.

Verschidden institutionell Considérationen mussen ervirgestrach ginn. Ech hunn et virdrun ugeschwat an ech wëll et hei nach eng kéier widderhuelen: Bei déi leedend Roll, déi EU gespillt huet - a si war Virreider, fir d'Konventioun ze verhandelen an op d'Been ze setzen -, kënn derbäi, dass déi 25 State vun der EU ee gemeinsam Mandat ausgehandelt hunn, fir d'Verhandlungen inhaltlech ze gestalten, wat eng ganz wichteg Saach ass.

Zousätzlech huet d'Kommissioun vun der EU eng spezifesch Roll kritt: Si ass als Verhandlungspartner an hiren Zoustännegkeetsberäicher - dat heescht, an de communautären Zoustännegkeetsberäicher - zougelooss ginn an der UNESCO, wat souguer och ee Punkt vun der institutioneller Verdwéngung vun der EU ass.

Eng aner wichteg institutionell Bemierkung ass, dass Lëtzebuerg, wéi gesot, während eiser Presidentschaft 2005 eng determinant Roll hat an doranner eng groussaarteg Aarbecht geleescht hat, déi och eestëmmege vun allen EU- an anere Staaten unerkannt gi war. Si huet am Verhandel vun de schwierigste Punkte vun der Konventioun hiert gelescht a gehollef, dass d'Konventioun konnt zur Zäit an der UNESCO gestëmmt ginn.

Nach e Punkt muss een ervirhiewen: D'Konventioun ass ugeholl ginn an der UNESCO, obschonn d'USA Nee gestëmmt hunn. Mä gläichzäiteg sinn d'USA am Schouss vun der UNESCO bliwwen, do wou se eréischt kuerz virdrun erëm zrëckkomm waren, nodeem se 20 Joer net méi do waren. Dat weist, dass d'UNESCO e wichtegt Organ op der internationaler Bühn ass.

Fir dann nees zrëck op déi Lëtzeburger Bühn ze kommen: Mir wäerten als Lëtzeburger bei engem vun deenen éischten EU-Länner sinn, déi d'Ratifikation vun dëser Konventioun virgeholl hunn. Am Ganze eng 30 Länner, fir dass se kann a Kraaft trieden. A méiglecherweis, esou wéi et elo ausgesäit, ass eis Ratifikation ausschlaggebend, fir dass d'Konventioun kann a Kraaft trieden.

Geschwënn ass eng extra Manifestation geplangt zu Bréissel, den 19. Dezember, vun den EU-Länner zesumme mat der UNESCO, fir kënnen d'Ratifikatiounen virunzedreiwen an d'Akraafttriede vun der Konventioun ze garantéieren. Sou dass ech frou sinn, dass mir den 19. Dezember zu deene Länner kënnen gehéieren, déi scho ratifizéiert hunn.

Duerfir sinn ech iwwert déi wichteg eestëmmege Ënnerstëtzung vun der Lëtzeburger Chamber frou. Ech mengen, dass déi ganz Konventioun wichteg ass fir eis eege kulturell Identitéit, well mir gläichzäiteg eis eege Sprooch...

(Interruption du Président)

...mat eiser Villsproochegkeet ënnerschräichen kënnen an d'Cohabitation vu méi Kulturen doranner kënnen gesinn.

Merci villmools.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Statssekretärin. Domat ass d'Debatt ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert dës Konventioun.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Konventioun ass mat 60 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstention ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Shank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen (par M. Marc Spautz), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Dieberich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Roman Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par M. Henri Grethen), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen zum nächste Punkt vum eise Ordre du jour. Dass ass d'Ofkommen tëschent der Europäescher Union an der Ukraine iwwer e weltwäiten Navigations-system. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et sinn ageschriwwen: d'Madame Flesch an den Här Fayot. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Thiel. Här Thiel!

4. 5586 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération concernant un système mondial de navigation par satellite (GNSS) à usage civil entre la Communauté européenne ainsi que ses États membres, et l'Ukraine, signé à Kiev, le 1^{er} décembre 2005

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture

» **M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.** - Merci, Här Präsident. Kolleginnen a Kollegen, et ass net fir d'éischt an och net fir d'lescht, dass ech lech hei iwwer e Projet ënnerhalen, vun deem ee vläicht an der leschter Zäit net méi extra vill héieren huet, mä deen awer trotzdeem um gudden Wee ass.

Dir hutt virun enger Zäit dräi Texter hei gestëmmt, mat deene mir d'Lëtzeburger Ennerschrëft ënnert den Accordë ratifizéiert hunn, déi d'Europäesch Kommission an d'EU-Memberstate mat den USA, mat China a mat Israel a Saache Galileo ofgeschloss haten.

Haut geet et drëms, e weideren Accord ofzeseenen, dës kéier mat der Ukraine, dee virun engem Joer an e puer Deeg zu Kiew ënnerschriwwen ginn ass. Déi nächst si schonn ënnerwee: Südkorea, Indien, Brasilien, Mexiko an Australien hunn entre-temps och ofgeschloss, wat heescht wëllt, dass deemnächst och déi Ratifizierungen hei ustoe wäerten.

E klengen Rappel: De Projet Galileo gouf als Gemeinschaftswierk vun der Europäescher Union an där hirer Weltraumduechter ESA, European Space Agency, lancéiert. Hie gesäit 30 Satelliten - 27 plus dräi Reserven - vir, déi eng gutt 23.000 Kilometer iwwer eise Käpp ëm d'Äerd kreesen a vun do hier Signaler erfroschécken, mat deenen een da seng Positioun bis op de leschte Meter bestëmmen kann.

Den éischte Satellit gouf bal genoe virun engem Joer - ech mengen, den 28. Dezember 2005 - vu Baikonur aus eropgeschoss. Näischt ze fréi iwwregens, well den Test vun de Sendefrequenzen, fir deen déi zwee éischt Satelliten agesat ginn, huet misse bis den 10. Juni ofgeschloss sinn, well soss wär d'Reservatioun fir d'Frequenzbänner verfall. Wann dann och elo weiderhin alles riicht no Programm leeft, kann de Galileo-System Enn 2010 a Betrib goen.

Wat si seng Missiounen?

Fir d'éischt natierlech soll hien dat assuréieren, wat elo den Amerikaner hire GPS och mécht, nämlech dem Eenzelnen hëllefen, säi Wee ze fannen doduerch, dass hien zu all Moment kontrolléiere kann, wou hie selwer grad ass, an dat par rapport zu där Plaz, wou hien hi wëllt. Dee Service, genannt „Open Service“, ass gratis a fir jiddereen op.

Dann de kommerziellen Déngscht, genannt forcément „Commercial Service“, dee fir all méiglechen Benotzer um Buedem, um Waasser oder an der Loft extrem prezis Navigationsdaten op extrae Frequenze liwwert - allerdéngs net fir näischt, mä géint Bezuelung.

Drëttens kënnen d'Eisebunn, d'Aviatioun an ähnlech Entreprisen op de Galileo zrëckgräfen, fir hire sécherheetstechnesche Besoine gerecht ze ginn. Dass heescht da forcément „Safety of Life Service“.